ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
01 AVR. 2016
1972

Här Mars Di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 1. Abrëll 2016

Här President,

Esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Justizminister weiderzeleeden.

D'Aarbechtsrecht gesäit vir, datt z.B. am Fall vu Scholden en Deel vun der Pai ka saiséiert ginn. Fir datt de Salarié awer „liewe" kann, kann een Deel vum Salaire net saiséiert ginn.

Esou ass déi 1. Tranche bis 550 Euro immuniséiert. Vun 550 bis 850 Euro kënnen 10% zeréck behale ginn, vun 850 bis 1.050 Euro sinn et 20%, vun 1.050 Euro bis 1.750 Euro sinn et 25%, an iwwert 1.750 Euro kann alles saiséiert ginn. Dës Beträg gi vun der Nettopai aus gerechent. Am Fall vun enger Cessioun (z.B. op d'Schold vum Haus) leien dës Prozentsätz sinn nach méi héich.

Esou bleift engem Salarié, egal wéi héich seng Nettopai ass, e Maximum vun 1.505 Euro fir ze liewen am Fall vun der Saisie, oder nëmmen 1.260 Euro am Fall vun der Cessioun, dëst also manner wéi den RMG oder dem Seuil vun der Aarmut!

Trotz der Inflatioun an der Explosioun vun de Präisser um Wunnengsmaart sinn dës Beträg respektiv Prozentsätz zanter 2002 net méi ugepasst ginn.

Am Géigesaz z.B. vum RMG gëtt bei der Saisie oder der Cessioun d'Situatioun vun der Famill respektiv der Zesummestellung vum Stot net berücksichtegt.

Et ass och ze bedenken, datt den Nettobetrag deen un de Salarié iwwerwise gëtt ëmmer deeselwechte bleift, och wann dësen z.B. vun Iwwerstonnen oder Prime kéint benefisséieren.

Duerzou wéilt ech dem Här Justizminister dës Froe stellen:

1) *Ass et virgesinn, kuerzfristeg d'Beträg déi net saiséiert kënne ginn der Inflatioun an der Situatioun um Wunnengsmaart unzepassen?*
2) *Ass et virgesinn, nach an dëser Legislatur, eng Reform vum Gesetz iwwert d'Saisien an d'Cessiounen op de Wee ze bréngen?*
3) *Deelt de Minister d'Meenung, datt d'Situatioun vun der Famill respektiv der Zesummestellung vum Stot muss beim Barème betruecht ginn?*
4) *Soll bei enger Reform vum Gesetz de Riichter net d'Méiglechkeet kréien, e feste Betrag als Saisie festzeleeën, esou datt de Salarié seng Situatioun z.B. iwwert Iwwerstonne kéint verbesseren?*

Mat déiwem Respekt

Gast Gibéryen
Deputéierten